Éischt Ronn vun der Coupe de Luxembourg bei den Damen

Red-Black Egalité 07 - Racing Troisvierges : 3 - 8 (2 - 4)

Ëlwen ze staark fir de Red-Black Egalité

D'Reiefolleg vun de Goaler :

0 - 1, 1 - 1, 1 - 2, 1 - 3 ,1 - 4, 2 - 4,
2 - 5 , 2 - 6, 2 - 7, 2 – 8, 3 - 8

Hu markéiert:
fir de Red Black Egalité :
Sheryl Gaspar (2 x) a Kelly Mossong.
Fir Ëlwen hunn d'Goaler geschoss :
Roberta Da Silva, Steffy Hermes, Melanie Lemos (4 x), Catarina Pereira (2 x).

De Red-Black Egalité huet missen dräi Stammspillerinnen an zwar d'Jil Clement, d'Jessica Grewer an d'Monique Seyler ersetzen.

Et ass fir d'éischt a senger Veräinsgeschicht datt de Red Black Egalité eng Damen Equipe am lëtzebuerger Championnat ugemellt huet. De Coupe Match géint Ëlwen wor deemno och eng Premiere an där nach jonker Veräinsgeschicht vum Fusiounsveräin.

Trainéiert gëtt de Red-Black Egalité vum Serge Graffé an Änder Reimen. Trainer bei Ëlwen ass de Bernard Bissen.

Am Championnat figuréiert de Racing Troisvierges am Moment op der éischter Plaz am éischte Bezierk vun der drëtter Divisioun. De Red-Black Egalité ass op der 3. Plaz vum 2. Bezierk an der drëtter Divisioun.

D'Meenung vun den Traineren

Bernard Bissen (Troisvierges)

De Bernard Bissen kënnt vu Gouvy. Et ass vir d'éischt datt hien a senger Trainer Carrière eng Damen Equipe trainéiert. Op d'Leeschtung vu senger Equipe ugeschwat huet hie gemengt : “ J'ai repris l'équipe en début de saison. J'ai mis en place une structure qui commence à porter ses fruits. Aujourd'hui nous avons joué à septante pourcent de notre valeur seulement. Il y a certaines choses que nous n'avons pas appliquées comme le hors-jeu par exemple. C'est la première fois que nous prenons trois goals en un match.”

Serge Graffé
Red-Black Egalité 07

Änder Reimen
Red-Black Egalité 07

“ Dräi wichteg Spillerinnen hunn ons haut den Nowend gefeelt wat ons d'Saach net méi liicht gemaach huet. Déi éischt Halbzeit hu mir ze vill ondisziplinéiert gespillt an ze vill taktesch Feeler gemaach. Déi zweet Halbzait ass et du besser gaang” sou de Fazit vun deenen zwee Traineren.

Vidéo ukucken :

streaming

Ipod/ipad movie

Éischt Ronn vun der Coupe de Luxembourg bei den Damen
Red-Black Egalité 07 - Racing Troisvierges

© Roger Medernach – net-tv.lu